

LX0HI

Relais & Voicemailbox

(des Beschreibung as geschriwwe gin, wéi d'Software-Versioun 1.5.7.22 aktuell war)

Déi, di heiansdo op 2m QRV sin, hun et secher scho gemierkt: den LX0HI huet zanter e puer Méint eng "Voicemailbox". Dat sin u sech e puer nei Saachen, déi d'Funktionalitéit vum normale Relais sollen erweideren. Mir hun den LX0HI als Basis geholl, well den eng zimmlech gutt Flächendeckung hei an LX huet (et brauch een nämlech full-duplex, en einfachen Mobil-TRX iergendwou op e Bierg setze geht also net duer), sou dass méiglechst vill Leit dovu profitéire kennen. Vläscht as sou och rem e besse méi um Relais lass. Virun e puer Joer war nämlech och schon dervu geschwat gin, fir dem Relais e Voice-Corder ze spendéiren, wéi en bei verschiddene Relais'en am Ausland a Betrieb as, well CW jo zanter enger gudder Zäit net méi obligatoresch as, fir kennen op UKW QRV ze sin.

De System as u sech ganz einfach: et kann een lo Norichten fir Leit speichern, wann se grad net QRV sin, ähnlech wéi bei enger GSM-Mailbox oder engem Répondeur. Et kennen awer och Messageboards benotzt gin, vergläichbar mat Boarder am Packet (zum Beispill sou wéi ALLLX). Fir perséinlech Mailen kann een sech souguer e Pager an den LXOPAC-8 schecken loossen, da wessen déi Leit, déi Packet maachen och emmer, wann se en neie Message hun. Et kann ee perséinlech Messagen un all Benotzer vun der Voicemailbox LX0HI, an alle Voicemailboxen, déi dem LX0HI bekannt sin, schecken. Un des aaner Boxen gin d'Messagen iwver Packet-Radio weidergescheckt. Am Moment sin dat e puer Mailboxen an DL (do sin der eng gutt Partie QRV, mir machen awer nach net mat alle Boxen Store&Forward). An nächster Zäit gin awer och warscheinlech Mailboxen an anere Länner opgebaut, well d'Software lo och englesch Voice-Libraries huet.

D'Mailbox gett per DTMF gesteiert, déi nei Handfunkgeräter hun dat jo schon alleguer, a fir baal all Mobil-TRXen kritt een en DTMF-Mikro, wou et dann och geht. Am Noutfall kann en sech en externen DTMF-Generator besuergen, wéi se och benotzt gin wann en den Telefons-Repondeur well iwwert een Puls-Telefon oflauschteren (kritt en zB beim groussen C).

WICHTEG !

Et gellt awer folgend "Regel", fir Piraterie a Spillereien (well DTMF jo deelweis anonym as) e bessen ze eviteiren: Nodems ee sech agelogg huet, (de Relais bleiwt op Sendung, bis een sech ausloggt) soll ee sein Ruffzeechen einfach eng Keier soen (also einfach PTT drecken, a soen "hei as ...", dat héiert een dann och op der Ausgaab), un der Stemm erkennen dei Leit, dei nolauschteren da jo, op et wirklech deen as. Ech hoffen, dass jiddferen sech dorun haellt, am normale QSO-Betrieb seht ee jo och sein Ruffzeechen, wann een net als Pirat wellt bezeechent gin.

“Getting started”: eng kleng Beschreiwung fir lasszeleen

(eng komplett Lescht mat alle méigleche Befehler as ennen an der grousser Tabell)

Fir d'éischt kann en zum Beispill mol mat dese Code probéieren, op den DTMF klappt. Also fir folgend Commanden muss een net agelogg sin (et kann en se also einfach sou agin, wann de Relais ZOU as). Et kann ee sech awer wéi uewe geschriwwe roueg eng Kéier mellen, ier een Tester mecht !!

0 0	LX0HI-Statuonsinfo
0 1	Helleftexter
0 2	Hinweis zum SMS-Format
0 2 n	Buchstaven/Zuelen déi am SMS-Format op der Tast <i>n</i> sin ausgin
0 3	Aktuelltext läuschteren
0 4	Aktuell Trafik-Informatiounen läuschteren
0 4 *	Aktuell Trafik-Informatiounen bäisetzen. Lifetime 6 Stonnen.
0 8	Hinweis zu den Messageboard-Verdeeler ausginn
0 9	Befehler am ausgeloggten Zoustand läuschteren
3 1	Auerzäit
3 2	Datum

Wéi mellen ech mech un, wann ech well User vun der Voicemailbox gin ?

Als éischt schreiw en sech mol am beschten sein Ruffzeechen am SMS-Format (also sou wéi um GSM fir en SMS) op een Ziedel, dat evitéiert, dass en sech duerno vertippt.

Wann de Relais zou as, scheckt een "999" fir sech als neie Benotzer unzemellen (brauch een also just eng Keier ze maachen!)

Da gett ee gefroot, fir sein Ruffzeechen am SMS-Format anzegin. Ofschlësse mat Rät, läscht Zeeche läsche mat Stär.

Beispill: LX1JU entsprécht: **555** (PTT lassloossen), **99** (PTT lassloossen), **1** (PTT lassloossen), **5** (PTT lassloossen), **88** (PTT lassloossen). # (PTT lassloossen).

Wann dat ofgeschloss as, bestätegt de Relais d'Ruffzeechen (liest et fir), an et kritt een eng 3-stelleg Benotzernummer. Dei sollt een sech verhaalen !!

Wann een da seng perséinlech Benotzernummer huet kann ee lassfuere !

# xxx	Aloggen mat Benotzernummer xxx
* xxx	Mailcheck: Aloggen, wa keng nei Noricht do as rem automatesch ausloggen

Beispill: Wann een Benotzernummer 150 huet:

☎ **# 150** (PTT lassloossen)

(DEST GEHT NEMMEN, WANN DE RELAIS NET OP AS ! Wann de Relais also mat engem 1750er opgedreht gin as, muss ee warden, bis en ofgefall as).

Wann een dann direkt engem e Message wellt schecken:

☎ **7 xxx**

Beispill: dem LX1PL (Nummer 102) e Message schecken: **7102** (PTT lassloossen)

Wann een sech ageloggt huet, an et huet een nei Messagen:

☞ # (Raut)

Wann ee faerdeg as, muss een sech och rem ausloggen mat "9" !!! Da fällt d'PTT vum Relais rem of.

Dann hei nach eng komplett Lescht, vu Befehler, dei am ageloggten Zoustand funktionéieren (also et muss een sech fir d'eischt aloggen):

Allgemeng

9	Ausloggen
9 9	Ausloggen an de Relais direkt opmaachen
*	Reply: Op läscht geläuschttert Noricht äntweren
#	Läuschteren vun den neien Norichten, déi eelst als éischt
A	Ofbriechen vun der momentaner Ausgab (as bei ALL Ausgab méiglech)

Messages schecken a läuschteren

7 xxx	Noricht u Benotzer xxx schecken
7 xxx *	Noricht u Benotzer xxx schecken, wann dee se läuschttert, Reckäntwert
4 0	Zuel vun de gespeicherte gelauschterten Norichten
4 n	Geläuschttert Noricht <i>n</i> nach eng Kéier läuschteren. Op Speicherplaazt 1 as déi neisten scho geläuschttert Noricht
4 n *	Proprietéiten vun der geläuschterter Noricht <i>n</i>
4 n # xxx	Kopie vun der geläuschterter Noricht <i>n</i> un de Benotzer xxx schecken
5 0	Zuel vun de gespeicherte gescheckten Norichten
5 n	Gescheckt Noricht <i>n</i> läuschteren. Op Speicherplaazt 1 as déi neisten gescheckten Noricht
5 n *	Proprietéiten vun der gescheckter Noricht <i>n</i>
5 n # xxx	Kopie vun der gescheckter Noricht <i>n</i> u Benotzer xxx schecken
5 n C	Gescheckten Noricht <i>n</i> läschen

System-Informationen

1 1	System-Uptime
1 2	Fräi Plaazt um Harddisk
1 3	Sendeauslaaschtung
1 4	Softwareversiounsnummer
1 5	Zuel vun de gespeicherten Norichten am System
3 1	Auerzäit
3 2	Datum
3 3	Distanz bis bei d'Mailbox ausrechnen. QTH-Locator am SMS-Format agin

Perséinlech Astellungen

6 1 1	Passwuert agin, resp. änneren
6 1 2	Passwuert läschen

6 1 3	Passwuert géint läschen/änneren spärren. Spär kann rem duerch de Sysop opgehewe gin
6 2	Egenen Numm läuschteren
6 2 *	Numm änneren/speichern
6 3	Egenen QTH läuschteren
6 3 *	QTH änneren/speichern
6 5 0	All Sprochen kuerz demonstréieren
6 5 n	Sproch wielen: Wann d'Speech-Engine gewielt gett (bei LX0HI $n=4$) kënnen nach dräi weider Parameter gewielt gin: 65nxyz; x = Geschlecht (1=weiblech, 2=männlech) y = Stemmhéicht (0..9) z = Geschwindegkeet (0..9)
6 6	Packet-Radio-Benorechtegung un/aus: Status offroen
6 6 *	Packet-Radio-Benorechtegung aktivéieren/desaktivéieren
6 7 xxx	Automatesch Weiderleedung un de Benotzer xxx

User-Informationen (aner User sichen, etc)

2 1 xxx	Opleschten vun 10 Benotzer vun Benutzernummer xxx un
2 2	No Ruffzeechen an der Benotzerdatebank sichen (am SMS-Format agin)
2 2 ...	Gett all Ruffzeechen aus, wou ... dra virkennt
2 3 xxx	Benotzerprofil vum Benotzer xxx
2 4	Lescht vun de Voicemailboxen mat dene S&F gemach ka gin

Messageboard (AM MOMENT NACH AM TESTBETRIEB)

8 0	Zuel vun de Norichten am aktive Messageboard
8 1	Messageboarder opleschten
8 2	Aktivt Messageboard ausgin
8 2 nn	Messageboard nn wielen
8 3	Dat éischt oder dat Messageboard vu virdrun wielen
8 4	Déi éischt oder déi Noricht vu vidrun am aktive Messageboard ausgin
8 5	Läscht oder nächst Noricht am aktive Messageboard ausgin
8 6	Läscht oder nächst Messageboard wielen
8 7 v	Noricht an dat aktivt Messageboard mat Verdeeler v schecken
8 7 nn v	Noricht u Messageboard nn mat Verdeeler v schecken. Verdeeler: 0=lokal, 1=regional, 2=landeswäit, 3=kontinental, 4=all (am Moment gett just 0 benotzt)
8 #	Éischt Noricht zanter dem läschte Login am aktiven Messageboard ausginn
8 *	Op Noricht am Messageboard äntweren
8 C	Läscht geläuschart Noricht am Messageboard läschen
8 C n	Noricht n am aktive Messageboard läschen

Wann een e Problem mam System huet, oder eppes net verstan huet, kann en einfach mol um Relais (145.725) no engem vun de Sysopen oder regelméissege Benotzer ruffen (Jeng LX1JM, Pol LX1PL, Mich LX1KQ, Dan LX1JU) ruffen, sie hellefe gaer weider, oder et kann en hinnen och eng Voicemail schecken (LX1JU: 100, LX1JM: 101, LX1PL: 102, LX1KQ: 103).

Bescht 73, a vill Spass mat der Voicemailbox